# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 13** **Freideg, 13. Januar 2024**

| LU - 15.1. | MA - 16.1. | ME - 17.1. | JE - 18.1. | VE - 19.1. |
|---|---|---|---|---|
| **14h30**<br>conseils de classe 1[es]<br><br>**15h15 - 17h15**<br>Noschreiwprüfungen<br>am Sall S207 | | **13h30 - 15h00**<br>Olympiade Mathématiques (éliminatoires)<br>am Sall 207 | **8h00 - 9h40**<br>visite médicale<br>5G1<br>an der Infirmerie<br><br>**9h40 - 11h35**<br>visite médicale<br>3G-IG<br>an der Infirmerie<br><br>**15h30 - 17h30**<br>aumônerie | |






## ACAT-Grupp Fieldgen

Mir, d'Redaktiounsequipe vum ACAT-Grupp Fieldgen, hunn d'lescht Schouljoer e Gruppenteams mat den Appeller vun der ACAT gegrënnt. Alles ass online, dat heescht et gëtt keng Veranstaltungen; d'Verwaltung ass ganz eiser Redaktiounsequipe iwwerlooss. An anere Wierder: Dir musst keng zousätzlech Zäit aplange fir Reuniounen, als Member vum Teamsgrupp kritt Dir just d'Appeller geschéckt, net méi. Wann Dir vun eis informéiert wéilt ginn, da kontaktéiert eis wann ech gelift.

**Wat ass d'ACAT?**

D'ACAT (Action des chrétiens pour l'abolition de la torture) ass eng weltwäit ONG, déi sech fir d'Mënscherechter asetzt.

Wéi mir scho wëssen, gëtt et op eiser Welt nach vill totalitär Regimmer, déi politesch Géigner an Demonstranten an de Prisong geheien, folteren oder esouguer ëmbréngen, zum Beispill wann si sech beschwéieren, datt d'Mënscherechter an hirem Land net respektéiert ginn.
Mir ënnerschreiwen a schécken Autokrate Petitiounen a Bréiwer, a froen domadder fir méi Gerechtegkeet. Eist Ziel ass et also, méiglechst vill Drock ze maachen, fir dat eppes geännert gëtt. D'Inhaftéierter kréien de Bréif och geschéckt, fir datt si wëssen, datt si net eleng do stinn.

Eng Rei politesch Géigner, déi am Prisong waren, sinn ënner anerem och doduerch befreit ginn. Dat funktionéiert net ëmmer, mee jee méi Leit mir sinn a jee méi Drock mir maachen, desto méi wäerte mir erreechen.

Vill Mënschen, mee eng Mënschheet!
Zesummen als Equipe - Zesumme fir d'Mënscherechter - Zesumme fir d'Zukunft!

Hei fannt Dir nach méi iwwert d'ACAT : ACAT-Lëtzebuerg: https://acat.lu/association/
DE: https://www.acat.ch/de/ueber_acat/
FR: https://www.acat.ch/fr/portrait/
Internationaalt Netzwierk: https://fiacat.org/notre-reseau

75 JAHRE SICHTBAR MACHEN MENSCHENRECHTE INS GESPRÄCH BRINGEN FEIERN?

Luxembourg acat

Chiara & Leena Zahlen, Chiara Thoma, Léo Hellinckx
d'Redaktiounsequipe vum ACAT-Grupp Fieldgen

**Aus dem CDI**








SAVE THE DATE!

## Semaine Raoul Follereau

**Vendredi 8 mars 2024**

**Samedi 9 mars 2024**